



Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6003 vum 30. Mäerz 2022 vun dem éierwäerten Deputéierten Här André Bauler iwwert "Démolition de la gare d'Ettelbruck"

An der Press stoung ze liesen, datt d'Ofrappe vun der Ettelbrécker Gare gestoppt ginn ass wéinst de Schmuebelen, déi de Moment do bréien.

1. Wéi ass et méiglech, datt eréicht elo erkannt gouf, datt et an der aler Gare Schmuebelsnächter gëtt?

Am Mee 2021 huet den zoustännege Fierschter d'CFL op d'Präsenz vun Näschter vun Hausschmuebelen (hirondelles des fenêtres, *Delichon urbica*) um Gebäi vun der aler Gare opmierksam gemaach. Insgesamt fënnt sech eng ganz Kolonie vun Hausschmuebelen ronderëm d'Gare. Et handelt sech bei Hausschmuebelen ëm "espèces protégées particulièrement", fir déi den Erhaltungsstatus als net favorabel agestuuft gouf, sou dass déi Aarten engem strenge Schutzstatus ënnerleien. Well et sech bei deenen Näschter um Gebai ëm een essentielle Reproduktiounssite vu geschützten Aarten no Artikel 21 vum modifizéierten Naturschutzgesetz handelt (*loi modifiée du 18 juillet 2018 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles*), duerfen déi Näschter eréischt ofgerappt ginn, wann Ersatzmoosname geschaaft goufen.

No engem Austausch tëschent der Naturverwaltung an dem Bauhär, huet de Bauhär een Dossier mat Proposé vu Moosnamen, déi di dauerhaft ökologesch Funktionalitéit garantéiere sollen (sogenannten CEF-Mesuren), opgestallt an eng Demande fir eng Derogatioun no Artikel 27 vum modifizéierten Naturschutzgesetz am November 2021 eragereecht.

2. Wéi vill Näschter sinn hei betraff?

Am Juli 2021 huet eng ornithologesch Expertise 36 occupéiert Näschter un der Fassade vun der Ettelbrécker Gare festgestallt.

3. Wéi laang wäert et lo daueren bis datt de Chantier weidergeet?

Den 29. März 2022 koum et zu engem Baustopp nodeems den Bauhär d'Aarbechten ugefaangen huet ier eng Autorisatioun virlouch déi all d'Konditiounen kadréiere sollt. De Baustopp gouf den 12. Abrëll 2022 opgehuewen, nodeems déi néideg Derogatioun virlouch, d'Ersatzmoosname realiséiert, vum zoustännege Fierschter a vun engem Expert receptionnéiert goufen. Dës ginn och weiderhi suivéiert.

4. Sinn nach aner Déiere vun dëser Ofrappaktioun betraff?

Eng Präsenz vun Hausspatzen (*passer domesticus*) gouf am Juli 2021 dokumentéiert. Dëst gouf an der Derogatioun consideréiert. Weider Präsenzen vun "espèces protégées particulièrement", déi ënner den Artikel 21 vum Naturschutzgesetz falen, goufen zum Zäitpunkt vun den Etüden net festgestallt.

Lëtzebuerg, de 4. Mee 2022

(s.) Joëlle Welfring

Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung